# BLACK-OUTS

## I. E starke W ö l l e n

Zwou Frae begéinen sech.

I.- Gudde Moien, Madame Wimmer

2.- Gudde Moien, Madame Klimmer, a wéi gét et iech dann?

I.- Ganz gudd, Madame Wimmer, ganz gudd, an iech dann? An èrem Mann?

2.- Mengem Mann.....Ma, et gét dém ausgezéchent zenter dass en sech d'Fömmen ôfgewinnt huet....

I.- Ere Mann...huet dén sech d'Fömmen ôfgewinnt?

2.- Jo, stellt iech dat vir, well zwé Méint fömmt en net méi.

I.- Abé jo, all Respekt dann....

2.- Wéi all Respekt?....

I.- Ma all Respekt virun èrem Mann, well fir sech d'Fömmen ôfzegewinnen, brauch én e starke Wöllen...

2.- E starke Wöllen...domatt huet der recht...an dé starke Wöllen.... dén hun e c h

## II. - A wât ass ?

Eng elegant éler Damm begéint e klengt Médchen wât matt den Hänn an der Täsch do geschleidert könnt.

(Déi éler Damm ass bâl lanscht, ma dann dréit se sech öm a sét):

O hei, Bonjour Henriette.....

(D'Henriette réagéiert net drop, kuckt e bösschen öm an zitt d'Nues op)

Damm: (e bösschen onsécher) Ma bonjour Kand, du bass dach sécher d'Henriette, menger Fröndin hirt Kand?

Henriette: (bleiwt stoen, d'Hänn an der Täsch an zitt fortwährend d'Nues op) Jo...jo...ech héschen Henriette...

Damm: (fir sech) Wcu kann én dat Kand escu verlaboréiert do lâfe lossen... (zum Henriette) Da so mer dach Bonjour....Kenns de mech dann net méi?

H en: Dach (zitt d'Nues erem erop)

Damm: Hues de de Schnapp?....

Henr: Né...én...

Damm: Ma du zitts d'Nues dach ömmer op...Dât ass eng elle Gewunnegt, déi muss du dir ôfgewinnen....

Henr: (Lâcht domm an zitt d'Nues erem eng Kéier op)

Damm: So, hues de kén Nuesschnappech an der Täsch?..

Henr: (op émol vill méi séier) Dach...ma ech léinen kengem et....

-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-

## III. - Den Inspekter könnt

Inspekter: (ganz opgerégt) Donnerlieweg hun ech och elo nach missen e Platte kréien. Et ass net gutt, wann en neien Inspekter am Ufank schon ze spéit könnt...Am beschten, ech lossen den Auto hei stoen a gin zu Fo'ss et kann dach secher net méi weit sin?....(Hie geseit e Médchen mat engem Scholsack do kommen) Hedo...Klengt, ass et nach weit bis an d'Schoul?

Médchen: Né...an, direct hei öm d'Kéier....

Inspek: (verwonnert) Wéi firwat bass du dann net an der Schoul?

Médchen: D'Léierin huet mech hémgescheckt...Ech soll haut krank sin, huet se gesot.

Inspek: Du solls haut krank sin?....Virwât dann?

Médchen: Wat eng...ma well ech dat dommst aus der ganzer Schoul sin a well .....de Spekter haut könnt.....

-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-

## IV. - Verkehrskontroll

(Eng schic Jöfferchen könnt - fir et méi ulkeg ze mân, mat enger Trottinette - iwer d'Bühn gerast. Hannendrun an hellem Sturm a Polizist dé sech net gett mat peifen...Gleichdrop könnt en erem mat der Jöfferchen eran an ass an opgeregtem Gesprech)....

Pol.: Stall ze halen hutt der soen ech iech...Eren Numm, wann ech gelifft.

Jof.: (verwonnert) Mei Numm...Wéi onverschimmt, engem sou mir neischt, dir neischt den Numm ze froen...

Pol.: (béis) Mir neischt, dir neischt...Wou ech iech gleich drei Pretekollen matenén misst man....

Jof.: Drei Pretekollen...wou ech dach esou prima gefuer sin. Ech géif gär wössen firwât?

Pol.: Huet dir dat Schöld dohannen dan net gesin?

Jof.: Wât fir e Schöld?

Pol.: Ma ént, dât iech sét, dass hei Sens interdit ass.....

Jof.: Sens interdit?...Nén, dat hun ech wirklech iwersin...

Pol.: An domatt net genug...Dir huet keng Stopluecht un èrer Machine.

Jof.: Eng Stopplucht, ech wéiss da gär firwat....Ech fueren dach nemmen am Do eraus...

Pol.: (iergerlech) Egal wéini dass dir eraus fuert...Ert Gefier muss an der Reih sin...An dann dat wichtegst...Dir huet direct staal ze halen, wann e Polizist peift...

Jof.: Déi ass gutt....Dat könnt én dach emol eng Kéier net gleich héieren.

Pol.: (ganz entrüst) Nun hâlt iewer op,..Hutt dir mech net héieren, wéi ech iech n o g e p a f f hun....

Jof.: (ganz geschméchelt) Dach Monsieur,...mé wann ech fueren, da f l i r - t e n ech net......

.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.

## V. - Ouni Prétexte

(2 Fraen kommen an opgeregtem Gespréich eran)

1. - Jo...an hutt dir dann och héieren, wat fir e Coméidie an Dengens ass...
2. - Nén, wât ass dann do erem lass....,
1. - Ma do huet den Edem e puer gudder Stréch vun der Schwéiermamm erwöscht.
2. - Net méiglech...Soll et dann esou uereg gewiescht sin?...
1. - Ech mengen esou, e konnt sech e puer Dég net weisen...e war hol a blo...
2. - A wat fir e Prétaxte soll se da gehât hun fir en esou ze schloen...?
1. - Sie hat ké Prétexte, Madame, sie hat e Biesem....

.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.

## VI. - Den Aufsatz

(Zwé Médercher mat Scheulseck kommen zesummen eran)

1. - Sô...hues du dein Aufsatz ferdeg?....

2. - Jo.....

1. - A wéni hues du en da geschriff....

2. - Ech hun en net geschriff....

1. - Wien dann?

2. - Mei Papp....

1. - Wéi....dé ganzen Augsatz?...

2. - Nén...(wichteg) ech hun em gehollef.

.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.

## VII. - Beim Dokter

(E Gedicht wat sech als Black-Out gudd égent)

(E Jong könnt bei den Dokter:)

Jong: Benjour, Här Dokter....ech....ech sin....

Dokter: Aha, mei Jong, da komm heihin
An déi gleich bis op d'Hiem dech aus
Da fanne mir dât schon eraus.

Jong: Ma Dokter...T'ass net dât...ech hun...

Dokter: (iergerlech) Jé, schwätz net a fänk énzock un....

Jong: (genéiert) Ma Dokter...ech wollt nemme froen...

Dokter: (ongedölleg) Dann déi dech aus, wann ech et soen
Da kucke mir gleich wat et ass...
Dajé, da knepp déi Paltong lass....

Jong: (an engems ass den Dokter em de Paltong ausdét)
Ma Dokter, mé da lauschtert dach..

Dokter: (lauschtert guer net) An dé Pullover hei och nach,...

Jong: (wiert sech) Här Dokter, t'ass daat alles net....

Dokter: Sief roueg Jong...mir fannen et..(Hie klappt de Reck of a lauschtert)

Jong: Här Dokter...lauschtert...ech sin hei...

Dokter: Gedold...well komme mir derbei...
Neischt un de Longen, Gott sei Dank...

Jong: (lâcht) Ma Dokter...ech si guer net krank...

Dokter: (ganz verwonnert) Firwât bass du dann over hei?...

Jong: Mei Papp dén ass net an der Reih...
Du sin ech kom fir iech ze frôn
Op dir net wöllt mat kucke gon....

.-.-.-.-.-.-.-.-.-.

## VII. - Daat ass de Merci

(E Médchen könnt mat engem ganz schwéieren Pack)

Médchen: Pff....ff....o mei, o mei....ech packen en einfach net méi

(Hatt setzt en nidder...erbléist sech, an hieft en erem op, gét e puer Schreck a setzt en erem nidder)

Pff...ff....ech froe mech wéi ech dén an d'Post kréien....

(eng éler Damm könnt lanscht a geseit d'Médchen)

Damm: Wuer géé du dann mat dém schwéire Pack, Kand?

Médchen: An d'Post, Madame

Damm: A wou kann deng Madame, dir esou e schwéire Pâck ze droe gin. Ech hun dech gesin do schléfen...dât ass jo net mat unzekucken...Komm, ech gin déselwechte Wé, da pâcken ech der alt un...

(Si huelen de Pâck zu zwé, gin e puer Schreck a setzen en erem nidder)

Damm: Wât e Lâscht...pff...ff...Onerhéiert...vill ze schwéier

Médchen: E muss awer nach fir 11 Auer an der Post sin...

Damm: (An engems ass se erem e puer Schreck gin...) Dât ass jo bal net méiglech, wa mir an dém Tempo hei gin....(Si setzen erem nidder) Esou e barbaresche Pâck....Deng Madame hätt jo können en Taxi bestellen....

Médchen: Daat gif ze deier kaschten, huet se gesot, et soll é keng Souen mutwelleg ewech gin...

Damm: (iergerlech) Dât hei wär awer guer ké Mutwöll gewiescht...Et ass jo fir drenner leien ze bleiwen. Ma huet deng Madame da ké Verstand?

Médchen: Ech wés et net, Madame....

Damm: Du häss hir direkt misse sôen et wär ze schwéier...Et ass jo fir sech ze verhiewen...

Médchen: Ma ech hun hir gesôt dass ech en net geng packen

Damm: A wât huet si dun gesôt?...

Médchen: Si sôt, o géi emol dermatt, du tröffs bestömmt önnerwé eng gut domm Totz un, déi der hölleft.

.-.-.-.-.-.-.-.-.

## IX. - Ech geng gär wössen.....

(Eng Madame rifft an heller Oprégung hir Nopesch) Hé, Madame kommt séier.

Déi Amerikanerin, déi bei mir an der Vakanz ass, ass schwâch gefall.. ..hölleft mer se an d'frösch Loft droen.

Nopesch: Jo, jo ech komme séier....

Madame: (rifft vu baussen) Si ass erem e bösschen zou sech, ma mer mussen se over an d'Loft féieren.

(Si kommen mat der Amerikanerin eran a setzen se op e Stull. Déi léisst de Kapp erem hänken)